

Kremart Edition

Katalog 2019

E stofte Buch fir déi ganz Kleng!

En Textil-Buch mat enger léiwer klenger Geschicht fir eng léif kleng Persoun. Et geet an den Zoo an dat mat faarwege Biller, an einfache Wieder a mat Säite fir unzepaken: einfach dat perfekt éischt Buch fir all Puppelchen. An enger flotter Këscht a mat engem Bändche fir un de Buggy!



Lisa Jones an Edward Underwood

Eng léif kleng Geschicht: Am Zoo

ISBN 978-99959-39-77-9

10 Säiten • 12 €

Grousse Spaass fir kleng Entdecker!

Dës Këschtchen huet et a sech: Véier Bichelcher stiechen dran a bidde vill Spaass beim Sichen a Fannen, egal ob doheem oder ënnerwee, well duerch dee praktesche Format (10,5 x 11,8 cm) si se ideal fir iwverall hi mat. An duerch hir „Box“ gi se och net verluer.

„Um Schantjen“, „Bei den Déieren“, „Um Bauerenhaff“ an „Meng Bësel-Biller“ heeschen déi véier Sichen-a-fannen-Bicher.

Sichen a fannen! Fir kleng Entdecker

Eng Këscht mat véier klenge Bicher

ISBN 978-99959-39-84-7

4 x 20 Säiten • 12,50 €



Virwëtzt a Spaass garantéiert!

D'Maus ass immens virwëtzig. Iwwerall wëll si eraluussen, souguer an d'Lompe vun hire Frënn ... En häerzegt Billerbuch mat witzegen Opklapp-Wëndelen iwwer de Virwëtzt vun enger klenger Maus.

Guido van Genechten

Däerf ech an deng Lomp luussen?

ISBN 978-99959-39-75-5

30 Säiten • 14,95 €

Flott
Hëllef beim
Potti-
Training!



Wat fir Geräischer! Wat fir een Orchester!



Mir stelle vir: deen alleréischte Potti-Orchester. Jo, jo, mat richteger Potti-Geräischer! Macht Är Oueren op (an Är Nuesen zou) a liest dat Buch hei. Mir bieden Iech, net ze laachen, a mir invitieren Iech, Ären eegene Potti ze huelen a matzemaachen.

E kreatiivt Potti-Buch mat richteger Musek fir kleng Potti-Museker - einfach herrlech!

Guido van Genechten

Potti-Musek

Mat Geräischer!

ISBN 978-99959-39-82-3

32 Säiten • 20 €

vivi KREART

Dee klengen, wäisse Fësch lauschtert waassermusek



Dee klengen, wäisse Fësch erwächt an ass richtig frou. Hie séngt e lëschtegt „Ech si grad opgestanen“-Lidd. All seng Frënn maache Musek. Op eemol héiert dee klengen, wäisse Fësch ganz wonnerbar Kläng. Mä wou kommen déi hier?

E geckegt Musek-Buch fir kleng Fësch a grouss Musek-Frënn vun zwee Joer un.

Hierscht 2019

Guido van Genechten

Dee klenge wäisse Fësch

ISBN 978-99959-39-74-8

16 Säiten • 20 €



Nach eng Geschicht virum Schlofegoen?

Eng kleng, geckeg, super flott!

All Owend wëllen d'Meedercher eng Geschicht erzielt kréien. D'Marion erfënnt dofir ganz geckeg Erzielungen, an där si d'Heldinne sinn.

„Nach eng! Nach eng Geschicht!“, ruffe si dann. „Nach eng kleng Geschicht an da séier an d'Bett!“, seet d'Marion.

Kuerz a flott: dräi geckeg Geschichte virum Schlofegoen!

Marion Gandon a Laurent Simon

Nach eng kleng Geschicht ... an da séier an d'Bett!

ISBN 978-99959-39-91-5

80 Säiten, 15 Euro



Brëlle si sou cool! A peche sou gutt!

De klenge Bier brauch e Brëll. Mä de Brëll vum Hond ass him ze faarweg an dee vun der Maus gesäit ganz butzeg aus. Dofir weess de Bier: „Ech muss een ee-gene Brëll kréien!“ Hëllef du dem Bier, dee richtege Brëll ze fannen?

Dei fënnef lëschtge Brëller am Buch kënnen einfach agepecht an nees erausgeholl ginn. D'Spill-Brëller pechen op glaten Uewerflächen a sollte si eemol voller Fuseme sinn, einfach duuss mat kalem Waasser ofwäschen, duerno peche se nees.

Fréijoer 2019

Bernd Penners a Christine Faust

Dee klenge Bier brauch ee Brëll

Mat fënnef lëschtge Spill-Brëller

ISBN 978-99959-39-94-6

14 Säiten • 12 €



vivi KREART

Vivi Kremart ass de Label fir „Spill-Bicher“ a Spiller vu Kremart Edition.

Kuscheldéiere verdeele virum Aschlofen!

Never change a winning team: Den Henning Löhlein an de Bernd Penners hu sech nieft dem „Plooschterbuch“ („Blosen, tréischten, Plooschter drop“) nach eng super Geschicht afale gelooss: Virum Schlofegoen nach e Kuss, eng Dréck an da gutt Nuecht a fir datt dat klappt, brauchen d'Déieren all hiert Kuscheldéier – fënns du dat, wat bei si passt?

Hierscht 2019

Kuschel, Kussi a gutt Nuecht

ISBN 978-99959-39-83-0

14 Säiten • 12 €



Dräi herrlech Bicher vum Anita Bijsterbosch!



't ass Zäit, fir schlofen ze goen, dofir muss jidderee gaapsen. E Gutt-Nuecht-Buch mat lauter Klappen, hannert deene sech midd Déiere verstoppen.

Anita Bijsterbosch

Jidderee gaapst

ISBN 978-99959-39-70-0

28 Säiten • 12,95 €

D'Mamma Chamäleon an dee klenge Chamäleon spille Stoppches. Dee klenge Chamäleon spillt dat immens gär. Hie kennt e puer extra Tricken, fir sech ze verstoppen. Kanns du hëllef, dee klenge Chamäleon ze fannen?

Summer 2019

Anita Bijsterbosch

Wou bass du, klenge Chamäleon?

ISBN 978-99959-39-73-1

18 Säiten aus Kartong • 14,95 €



Déi jonk Déieren an dësem Buch dreemen all vun der Zukunft, vun deene Saachen, déi se maachen, wa se grouss sinn. A wat fir grouss Dreem se all hunn!

De Léiw, den Tukan, d'Schlaang, den Elefant an nach aner Déiere verroden Iech, wat si maachen, wa si grouss a staark sinn.

Fir jiddereen, deen och grouss a staark wëll ginn!

Anita Bijsterbosch

Wann ech grouss sinn ...

ISBN 978-99959-39-72-4

26 Säiten • 12,95 €



Hutt Dir scho sou eppes gesinn? E RISEGT **Concertina**-Buch fir opzeklappen an opzestellen!

Dëst spektakuläert Buch mat ville Klappen ass méi wéi eng flott Geschicht: Et ass eng faarweg Akafsstrooss fir auszeklappen an eng richtig Stad-Landschaft, fir e ganz Zëmmer ze dekoréieren!

Dee perfekte Kaddo fir Kanner vun 3 bis 7 Joer!


Fréijoer 2019

Jonathan Emmett an Ingela P. Arrhenius

Eng Strooss, déi leeft!

ISBN 978-99959-39-93-9

18 €



Si weess, wat si wëll: Déi kleng Prinzessin

Dem Tony Ross seng kleng Prinzessin ass weltbekannt. Si ass véier Joer al a wunnt mat hiren Elteren a mam ganzen Haff an engem Schlass. D'Christiane Kremer huet der klenger Knätzelt Lëtzebuergesch bäibruecht.



**Déi kleng Prinzessin:
Ech wëll net an d'Bett!**

978-99959-39-61-8



**Déi kleng Prinzessin:
Mir ass et schlecht!**

978-99959-39-62-5

**Déi kleng Prinzessin:
Ech wëll meng Hänn net wäschen!**

978-99959-39-63-2



**30 Säiten
12,95 €**



**Déi kleng Prinzessin:
Ech maachen dat selwer!**

978-99959-39-64-9



**Déi kleng Prinzessin:
Ech wëll d'Luucht un!**

978-99959-39-65-6



**Déi kleng Prinzessin:
Ech war dat net!**

978-99959-39-66-3

**Déi kleng Prinzessin:
Ech hätt och gär Frënn!**

978-99959-39-67-0



**Déi kleng Prinzessin: Ech wëll eng
Gutt-Nuecht-Geschicht!**

978-99959-39-68-7



März 2019

**Déi kleng Prinzessin:
Ech wëll mäin Hues!**

978-99959-39-69-4




Oktober 2019

**Déi kleng Prinzessin:
Ech wëll mäin Papp!**


978-99959-39-98-4

Happy Birthday: 2019 feiert den




Den Elmar

ISBN 978-99959-830-7-9



Den Elmar an d'Monster

ISBN 978-99959-39-21-2



Den Elmar an d'Walen

ISBN 978-99959-39-25-0



Den Elmar an d'Iwwerschwemmung


ISBN 978-99959-39-26-7

Grousst
Format!
30 Säiten.
Nëmmen
12,95 €




Den Elmar an d'Course

ISBN 978-99959-39-27-4



Den Elmar an de Päiperlek

ISBN 978-99959-39-85-4



Den Elmar an de Reebou

ISBN 978-99959-39-87-8



Den Elmar an d'Schlaang

ISBN 978-99959-39-22-9

Elmar seng 30 Joer!



Mäin Elmar

E Buch wéi en Elefant!


ISBN 978-99959-39-39-7

12 €



Den Elmar an dee grouesse Vogel

ISBN 978-99959-39-24-3



Den Elmar an de Super El

ISBN 978-99959-39-28-1

An et geet elefantastesch weider



Ufank 2020

Den Elmar geet trëppelen

ISBN 978-99959-39-89-2



Hierscht 2019

Vill Gléck fir däi Gebuertsdag, Elmar!

ISBN 978-99959-39-88-5



Abrëll 2019

Den Elmar an dee Friemen

ISBN 978-99959-39-86-1



Mat engem Zauber-Fotoapparat!

Endlech Vakanz! De klenge Fuuss gëtt grouse Fotoreporter, fir sengem Kuscheldéier Gicka seng Erlebnisse z' erzielen. Mat engem Zauber-Fotoapparat kanns du d' Landschaften kucken an all d' Iwwerraschungen gesinn, déi sech dora verstoppen.

Sophie Ledesma

De klenge Fuuss geet an d'Vakanz

ISBN 978-99959-39-79-3

22 Säiten • 12 €

Sichen an entdecken am Weltall



Sich de Bee-Fësch, de Ramm-Ramm, d'Veier-Déier an all déi aner geckeg Awunner vum Planéit Schlabber-Bing: „SichMech an der Bechs“ ass e klassescht Memo-Spill, dat ee mat zwou oder dräi Sich-Kaarte spille kann. Et gëtt 24 Motiver, also 72 Kaarten am Ganzen, alles an enger Béchs.

Memo-Spill

SichMech an der Béchs „Weltall-Zoo“

vum Lara Marteling

3 × 24 Motivkaarten • 10 €

D'Bicher zum Spill

D'Memo-Spill „SichMech an der Bechs: Weltall-Zoo“ baséiert op dem Buch „Weltall-Zoo: Rees op e Planéit mat onbekannten Déieren“ vum Lara Marteling, dat bei BoD op Lëtzebuergesch (ISBN 978-3-84826-085-0) an op Däitsch (ISBN 978-3-73223-507-0) erauskomm ass. Jeeweils 60 Säite fir 15,90 €. Ze kréie bei Amazon, op bod.de a bei Kremart Edition.



De Kuakerino als Ballerina

De Kuakerino ass e gléckleche Fräsch, bis eemol e puer Libelle bei sengem Dëmpel stallhalen, fir do ze danzen. Et ass einfach ze schéin, wéi si am Liicht glënneren an duerch d'Loft schwiewen. Fir de Kuakerino steet fest: Hie wëll och danze léieren! Ma d'Libelle maache just de Spunnes mat him: Danze mat esou engem mockelege Bauch a mat esou bossege Knéien? Awer de Kuakerino gëtt net net op, hien trainéiert an trainéiert ...

E lëschtgt Billerbuch, dat weist, wéi ee mat Courage an engem starke Wëllen iwwe sech eraus sprange kann.

Hierscht 2019

Anja Ackermann a Stefanie Reich

De Kuakerino

ISBN 978-99959-39-96-0

28 Säiten • 12,99€



Nom immens erfollegräiche Buch „De Schudder-Schusch“ elo eng nei Geschicht: „De Schusch an de Bier“!



Knapps ass de Bier a seng Hiel geplënnert, kënt him eppes komesch vir: Firwat lafe seng Nopere mat Seeler, Leederen a souguer Dynamit ronderëm? Dem Bier gëtt et baang, hie verbarrikadéiert sech a senger Hiel. Op eemol daucht de Schusch bei him op a freet, firwat hien agespaart ass. Agespaart? Ma nee, de Bier wollt sech dach just schützen! Fir dat ze beweisen, geet de Bier mam Schusch bei de Floss. Do hunn d'Nopere mat Seeler a Bamstämm e grousst Flooss gebaut – d'Party fänkt u mat engem grouse Freedefeier! An de Schusch huet op en Neits gewisen, datt jidderee ka Frënn ginn.

Hierscht 2019

Charlotte Habersack a SaBine Büchner

De Schusch an de Bier

ISBN 978-99959-39-97-7

28 Säiten, 12,99 Euro

Zweesproochegt Kannerbuch: op Lëtzebuergesch et en français

De Bestseller aus dem Joer 2015 an enger ganz neier Versioun: D'Geschicht vum „Poli & Maisy“ op Lëtzebuergesch an op Franséisch! (Iwwersetzung: Marilyn Schmit)

De Poli fladdert am däischtere Bësch tëscht de Beem erduerch. Op eemol, flupp, rennt hie mat eppes zesummen. „Aua, kanns du net oppassen?“, jäizt de Poli a gesäit just e Schiet, dee ganz séier am Zickzack fortflitt. „Hey, bleif hei. Du kanns awer Pardon soen. Hues du mech dann net gesinn?“ De Poli setzt sech op en dënne Aascht, en huet e bëssi Angscht. Do kënt de Schiet bei hie geflunn ...

„Déi schéinste Bëschfrëndschaft, déi ech kennen“
Guy Helminger, Schrëftsteller a Kulturkritiker

Christiane Kremer an Aline Forçain

Poli & Maisy

ISBN 978-99959-39-38-0

32 Säiten • 18,99 €



Fir Mammen a Pappen

Et ass geschwë Mammendag. D'Sarah wëll senger Mamma, mat där hatt eleng wunnt, onbedéngt e ganz besonnesche Cadeau maachen. Net just déi Bastelaufgaben aus der Schoul, déi seng Mamma ëmmer mat ganz vill Léift an hir „Schatzkëscht“ leet – eng Këscht, déi se dann awer ni méi opmécht. D'Sarah freet säi beschte Frënd Joey ëm Hëllef. Dee wunnt mat sengen zwee Pappen net wäit ewech. An hirer Famill ass ëmmer gutt Laun a si kënnen dem Sarah bestëmmt hëllefen ...

D'Buch „Mammendag – Dem Sarah seng Sich nom richtige Cadeau“ erzielt d'Geschicht vun engem klengen Meedchen, dat senger Mamma Zäit schenke wëll. „Mammendag“ ass awer och eng Geschicht iwwer Respekt, Léift an Toleranz an enger Welt, déi sech verännert an nei Chancë vun Zesummeliewen a Familjegléck bitt.



Christiane Kremer an Anne Mélan

Mammendag – Dem Sarah seng Sich nom richtige Cadeau

ISBN 978-99959-830-0-0

40 Säiten • 15 €

Dëst Buch suergt fir Gespréich!

„Firwat ass den Himmel haut net Blo?“
 „Wéi vill Stécker Schockela sinn am Schockelasbotter?“

De Lobo gëtt keng Rou: Hie wëll ëmmer alles wëssen
 an huet ëmmer Froen.

„Du frees engem Lächer an de Bauch ...“
 „Lobo, elo net, so mir dat méi spéit ...“
 „Wann déi grouss Leit schwätzen,
 müssen déi Kleng roueg sinn ...“
 „Lobo, wann s de eppes soe wëlls,
 muss du de Fanger weisen ...“



Keen hält sech Zäit, fir dem Lobo eng Äntwert ze ginn.

„Wa kee mir nolauschtert, da muss ech och net méi schwätzen“, denkt de Lobo fir sech an hält
 duerno einfach de Mond.

Dat geet esou laang gutt, bis e seng nei Nopesch Lola kenneléiert.

„So mol, Lobo!“ ass eng Geschicht iwwer d’Schwätzen. An doriwwer, wéi wichteg et ass, mateneen ze
 schwätzen a sech eppes ze soen. Mat vill Gefill an Afillungsvermeigen erzielt vum Christiane Kremer
 a genee esou empathesch illustréiert vum Vincent Biwer.

Eng spilleresch Kannergeschicht, déi fir Gespréich suergt!

Christiane Kremer a Vincent Biwer

So mol, Lobo!

ISBN 978-99959-39-92-2

Säiten: 32 • Präis: 20€



Vu 5 Joer un

Bicher si Kaddoen,



88 €

Coffret „Eng gutt Lies“: Déi 20 Smart-Bicher mat enger
Magnum Riesling vum Domaine Kox



25 €

Josy Braun: 2 Klassiker
fir den hallwe Präis



59,80 €

Komplett Smart-Serie:
20 Bicher am Set

déi bleiwen!



59,85 €

Kremart Kanephora:
6 Bicher kafen,
3 Bicher bezuelen



36 €

3 Kannerbicher vum
Christiane Kremer fir
just 36 Euro!



(Amplaz 53,99€:
Dir spuert 17,99€!)



Anselm Grün an Giuliano Ferri

D'Legend vum hellegen Niklos

Iwwersetzung: Christine Marx-Heck

ISBN 978-99959-39-78-6

32 Säiten • 14,99 €

Fir d'Kanner an de Kleeschen

Wie war den hellegen Niklos? De bekannten däitsche Pater Anselm Grün stellt eis e vir! Flott a lieweg geet hien op déi Legenden an, déi vum hellegen Niklos erzielt ginn: d'Geschicht vun den dräi Goldstécker, d'Kärewonner vu Myra, d'Rettung vun de Matrousen a vun engem Jong, deen, esou gouf geduecht, erdrunk war.

Illustriert goufen déi eenzel Episode vum renomméierten italieneschen Zeechner Giuliano Ferri. D'Christine Marx-Heck huet d'Buch aus dem däitschen Herder-Verlag iwwersat. De Luc Marteling huet nach 6 Säiten iwwer de Kleeschen zu Lëtzebuerg dru gehaang.

Léiert dat spannend Liewe vum hellegen Niklos kennen a gitt gewuer, wéi hien als Zinniklos respektiv als Kleeschen op Lëtzebuerg komm ass a bis haut do gefeiert a veréiert gëtt.



E Monsta!

De Mathis an den Tunn hunn déi Spiller am léifsten, déi se dreckeg a knaschteg maachen. An da mussen si an d'Bidden. Ma hues du dech schonn eng Kéier gefrot, wou dat knaschteg Waasser aus der Bidden hileeft? D'Buedwaassa-Monsta schluppt et natierlech! Dat ass säin Zweetliiblingssiessen a kee wëll wëssen, wat et am léifste frupst ... Eng genial Geschicht vum Colin Boyd an Tony Ross!

Colin Boyd an Tony Ross

D'Buedwaassa-Monsta

ISBN 978-99959-39-32-8

28 Säiten • 12,95 €

Mäin Häerz

*Haut man ech d'Dier vu mengem Häerz wäit op.
Kuckt, wat sech alles doranner verstoppt:
Kreesch vu Freed an Tréine vu Leed*

An dësem Buch geet et ëm Gefiller, ëm Stëmmungen, ëm déi verschidden Zoustänn, an deenen en Häerz ka sinn: vu ganz gutt drop a voller Freed iwwer déck rose bis hin zu traureg an eleng. Am Mëttelpunkt vum Buch steet dann och en Häerz, dat aus all Säit gestanzt gouf, ëmmer eng Nummer méi kleng, fir um Enn dee faarwegen Effekt ze kreéieren, deen de Bléck direkt captéiert an d'Häerz direkt beréiert ...



Jo Witek (Text), Christine Roussey (Illustratiounen), Christiane Kremer (Iwwersetzung)

A mengem klengen Häerz

ISBN 978-99959-39-36-6

28 Säiten • 18 €

Wanterdreem aus Konscht a Poesie

D'Schnéiflack ass eng ganz Zäitchen op hirer Wollek matgereest. Lo wëll si gär erfroschwien an op enger schéiner Plaz leie bleiwen. D'Faarfdrëps huet laang Zäit an engem Tëntefaass gewunnt. Elo wëll si endlech eraus an an engem schéine Bild landen. Mä d'Liewen huet eppes ganz anescht mat hinne vir ...

D'Christiane Kremer huet dëst modernitalescht Mäerchen op Lëtzebuergesch iwwersat – et ass en „Dreiebuch“, dat vu vir a vun hannen ze liesen ass ... Geschriww vum Pierdomenico Bacchalaro an Alessandro Gatti, illustréiert vum Simona Mulazzani, déi dofir mam italeschen Andersen-Award geéiert gouf.



D'Geschicht vun der Faarfdrëps an der Schnéiflack

ISBN 978-99959-39-07-6

52 Säiten • 22 €

Strécher!



D'Lynn ass eng Linn.
D'Lynn kann alles sinn:
riicht, ronn oder eckeg,
licht, kromm oder geckeg.

Mol geet d'Linn erop,
mol rennt se an d'Déift,
mol steet s'op der Kopp,
mol ass se verléift.

D'Lynn ass ëmmer do,
ni d'selwecht wéi lo.

D'Lynn wëll alles fierwen.
D'Lynn ass d'Liewen.

D'LINN LYNN handelt vun de Méiglechkeete vun engem Stréch. 't geet ëm Formen, Faarwen a Gefiller. Den Tom Scharzt huet déi minimalistesch Geschicht vun Luc Marteling illustriert. Mol douce, mol graff, ma ëmmer pointéiert. Entstanen ass eng Parabel op d'Liewe fir kleng a fir grouss Kanner.



D'Linn Lynn

ISBN 978-99959-39-33-5
32 Säiten • 22 €

Lëtzebuurger Buchpräis 2017:
Spezialpräis Design



Spiichten!

Si hu schonn iwver 150 Joer um Bockel a sinn nach ëmmer in! Den Alain Atten huet déi zwee Lausbouwe Lëtzebuergesch geléiert.

Max a Miz

Dem Wilhelm Busch seng Bouwegeschicht
«Max und Moritz» op Lëtzebuergesch
ISBN 978-99959-830-9-3
72 Säiten • 22 €



23. Abrëll 2019



*Loosst Iech
iwwerraschen!*

Eine großartige und großformatige Neuauflage



Aphorismen und Bonmots, Spottverse und Schmähporträts, Erlebnisberichte und Reiseschilderungen aus der Alten und der Neuen Welt – mit Argusaugen beobachtete Frantz Seimetz sich und seine Umwelt. Nichts war vor seinem scharfen Pinselstrich und seiner spitzen Feder sicher.

Von der Mosel bis zum Mississippi, von Echternach bis zum Monte Casino hat der Dichter- und Malerfürst Eindrücke gesammelt und mal analytisch-verständnisvoll, mal kritisch-süffisant, aber stets geistreich und unterhaltsam wiedergegeben. Sein vierbändiger, deutsch-luxemburgischer „Feuersalamander“ ist eine ungebändigte Hommage an das Leben, die auch 80 Jahre nach dem Tod des Autors höchste Lesefreude bereitet.

Die vielen abgebildeten Gemälde und das moderne Layout, an dem auch Seimetz Gefallen gefunden hätte, ermöglichen eine Neuentdeckung seines Geniestreichs – ein „Feuersalamander revisit“.



Frantz Seimetz

**Der Feuersalamander –
Einfälle und Ausfälle**

ISBN 978-99959-875-1-0
240 Seiten • 49,99 €

Zum 80. Todestag von Frantz Seimetz (1858 – 1934) hat der Verlag Press aus Grevenmacher, bekannt als Herausgeber der Musel- und Sauer-Zeitung, den „Feuersalamander“, der zwischen 1931 und 1934 entstand, neu aufgelegt. Und wie: 240 Seiten, durchgehend vierfarbig und großes Format (30 × 30 cm). Zu beziehen über Press oder über Kremart.

Loufoqueries

Lorsqu'une dame en trottinette, une amie hystérique, un marchand d'histoires ou une charmante vieille s'invitent dans votre quotidien et vous transportent dans des voyages immobiliers, on se dit qu'au-delà du visible demeure la magie pour celui qui sait y regarder de plus près. Ces personnages loufoques occupent la «place d'à-côté», celle de l'inconnu. Et si l'on changeait de chaise, ne fût-ce que pour un instant ...

Laurence Klopp vit et travaille au Luxembourg sauf quand elle est ailleurs. Comme le dit si bien l'un de ses personnages, «je n'avais rien à faire ici, mais comme je n'avais rien à faire ailleurs non plus ...», alors elle se décida à écrire son premier recueil de nouvelles: *La dame à la mise en plis mauve*.

Lëtzebuurger Buchpräis 2014: Prix spécial du jury pour la conception, les illustrations et le graphisme.

Laurence Klopp et Natacha Paschal

La dame à la mise en plis mauve

ISBN 978-99959-830-6-2

88 pages • 17,89 €



Toujours touchant

«brèves [re]trouvailles» est un recueil de cinq nouvelles. La moins brève narre la rencontre entre Jeannot, laveur de vitres incapable de mettre pied à terre, et Léonie, morte incapable de monter au ciel.

Après le succès de son premier ouvrage en 2014, l'auteure de «La dame à la mise en plis mauve» récidive et nous emmène à nouveau dans son univers farfelu, pour nous présenter ses personnages touchants et nous raconter leurs histoires fantastiques.

Partez «à la recherche de la disparue», faites connaissance du «laveur de vitres», préparez-vous à une «rencontre printanière» avec «l'inconnue qui ne voulait pas s'en aller» et soyez sûrs que «l'espoir meurt en dernier».

Les cinq nouvelles sont anoblies par les illustrations extravagantes de Diane Jodes.

Laurence Klopp et Diane Jodes

Brèves (re)trouvailles


ISBN 978-99959-39-37-3

96 pages • 17,89 €



Héichexplosiv!

Hierscht 1984: Op der Éisleker Scheedhéicht flitt e Juegdchalet an d'Luucht. Geschwënn duerno gëtt en Hobby-Detektiv aus der Scheedhéichter „Résidence Lorblumm“ vermësst. Wat d'Land nach net weess: Et ass den Optakt fir eng ganz Serie vu Sprengstoff-Ueschléi. D'Land verschwënnt ënner engem Bommteppech, an – wien hätt dat geduecht? – ënnert dem Teppech verschwannen d'Bommen ... Virum Hannergrond vum Bommeleeër-Prozess huet Kremart Edition dem Josy Braun säi Schlësselroman iwwert d'Affaire, de Bestseller „Bommen-teppech“ aus dem Joer 2004, nei erausbruecht.



Bommteppech

ISBN 978-99959-39-05-2

416 Säiten • 30 €



Héichprozenteg!

Am waarme Summer 1976 fënnt den Doudegriewer vu Biver e Knapp vun enger aler Museksuniform an engem Graf ... De Josy Braun (1938–2012) huet mat „Armagnac“ e flotte Krimi hannerlooss, deen och en Hommage u seng Heemecht ass. Kremart huet e posthum publizéiert: „E richtege Josy Braun als ‚haute cuisine criminelle du terroir‘ an eng léif Erënnerung un eng schéin al Zäit an un ee Grousse vun eiser Sprooch“, schreift de „Feierkrop“. D'„Tageblatt“ schwätzt vun engem „perfekte Sproochgefill“ an d'„Lëtzebuerger Wort“ attestéiert dem Auteur en „authentesch-onverfälschent Lëtzebuergesch“.

Armagnac

ISBN 978-99959-830-5-5

136 Säiten • 20 €



Josy Braun: 2 Klassiker
fir den hallwe Präis

It's TIMBA-Time!

De SMART-Nofolger ass do, direkt 5 Bichelcher op eemol. Déi nei Serie mat Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch gouf um 5. Gebuertsdag vu Kremart Edition virgestallt.

1) Marc Wilwert: De groe Star

ISBN 978-2-919781-01-0

Huet hie säin Noper ëmbruecht oder net? De Star vun dëser Geschicht ass en Amateurfotograf, dee sech verdächtig mécht, well e keen Alibi huet ... well en net op Facebook ass. E geréit ellen an d'Laberenten an zweiwelt souguer u sengem eegener Existenz, esou staark ass d'Muecht vun de Biller.

2) Jérôme Netgen: D'Wolleken iwwer Hawaii

ISBN 978-2-919781-02-7

Hie war op eemol einfach do. An op eemol einfach net méi. Mä wat huet en an deenen zweek Joer dertëscht gemaach? Wie war hien iwwerhaapt? Vlächet wier et awer derwäert gewiescht, de Mats besser kennenzeléieren. Dat denkt elo jiddereen, ma elo ass et ze spéit. Elo bleiwe just d'Wolleken iwwer Hawaii.



3) Catherine Gitzinger: De Bam

ISBN 978-2-919781-03-4

Et fänkt u mat engem wäissen Hoer. Mä wier et gutt e wäisst Hoer. Dat, wat do um Änder sengem Kapp wäisst, ass eppes ganz anescht. A seng Fangeren huelen op eemol och ongewéinlech Formen un. Wat geschitt do grad mat him? Eng kafkaesk Geschicht vun der Musel.

4) Sophie Gitzinger: Vill Gléck am neie Joer

ISBN 978-2-919781-04-1

Mat 30 Joer schonn e Bilan zéien? Wat erzielt ee beim Konveniat, wann déi aner all vun hirem Auto, hirem Job, hirem Partner, hire Kanner schwärmen? Besonnesch wann dat engem säi Liewenszil bis dohi guer net war. Souwisou, wann et op eemol un dat Liewegt geet, änneren d'Ziler ganz séier ...

5) Luc Marteling: Den nationale Wollef

ISBN 978-2-919781-05-8

Ass et wouer? Dat kann dach net sinn! Ma et ass kee Witz, et ass eng eescht Geschicht: De Wollef ass nees do! Sou e Béischt am klenge Grand-Duché beschäftegt natierlech och déi grouss Politiker. E Pas de deux fir den Icksbee an den Effbee. Oder einfach e Sketch anno 2018. Aaaaauuuuuu...

All Bichelchen huet 40 Säiten a kascht 4 Euro.

Lektorat: Myriam Welschbillig. Layout: Sacha Heck (mediengestalter.lu). Drock: Reka.

„Déi erfollegräichst Serie an der Lëtzebuerger Literatur-Geschicht“


Claude D. Conter, Direkter vum nationale Literaturzenter



Fir Romantiker



Fir Wantersportler



Fir Masochisten



Fir Konschtfreaken



Fir Latäinamerika-Aficionadoen



Fir Krimifrënn



Fir Historiker



Fir Politiker



Fir Nostalgiker



Fir Fraen a Männer

* Stand November 2018

Faarweg, faszinant an op Lëtzebuergesch:
36 Säite fir nëmmen 2,99 Euro.
All Smart-Buch huet eng eege Faarf,
en eegenen Auteur, eng eege Geschicht.



Fir SciFi-Fans



Fir Optimisten




Fir Béierschnoffler



Fir Primeraner



Fir Draachekämpfer



Fir Enseignanten



Fir Escher



Fir Fer**

Mam 20. Bichelche gouf
d'Serie am Summer 2017
ofgeschloss. Si ass och an
enger schwärzer oder wäisser
Kassett ze kréien (59,80 €)!

NEI:
Nummer 19
och op
Italiensch!




Fir Amanten



Fir Saunagänger



Loscht op Literatuur?




KRE MART
KANEPHORA

*Déi nei Bibliothéik
vu Kremart Edition*

1 Zalto mortale

En Epicier ouni Äerm zu Esch, en Taxidermist an eng libesch Flüchtlingsfra zu Monaco an e Camionschauffer mat Homard op der Rull – de Jean Back beschreift aussergewéinlech Mënschen an ongewinnle Situatioune.

„Mam Zalto mortale géllt der Edition Kremart e gudden Start, fir d'Serie Kanephora ze lancéieren. D'Sprooch erlaabt et dem Lieser, sech an d'Personnagen eranzeversetzen.“ – Charlotte Wirth, Lëtzebuerger Land

Jean Back

Zalto mortale – Dräi Monologen

ISBN 978-99959-39-41-0

112 Säiten • 19,95 €



JEAN
BACK

2 Die Tage, die Dinge

Die Tage, die Dinge“ von Linda Graf ist ein gelungenes, besinnliches, ganz einfach schönes Buch über die Irrungen, Zufälle und Rätsel der menschlichen Existenz in ihrer individuellen Erfahrung und Wahrnehmung, eine intime Auseinandersetzung mit Zeit und Raum (Tage, Dinge) und dem hoffnungsvollen Sinnstreben in einer komplizierten Welt.“ – Marcel Kieffer, Luxemburger Wort

Linda Graf

Die Tage, die Dinge

ISBN 978-99959-39-42-7

200 Seiten • 19,95 €



LINDA
GRAF

3 Allen Ernstes

Vierzehn satirische Kurzgeschichten versprechen ein bisiges Lesevergnügen, das die Illustrationen von Nachwuchszeichnerin Tanja Trienekens noch intensivieren.

„Mit viel Witz, Ironie und einer Prise Sarkasmus beschreibt Maryse Krier in Allen Ernstes altbekannte Alltagsmomente.“ – Charlotte Wirth, Lëtzebuurger Land

Maryse Krier

Allen Ernstes

ISBN 978-99959-39-43-4

208 Seiten • 19,95 €

MARYSE
KRIER



4 Trakl Blues

Luxemburg in den 1970er-Jahren: Eine Gruppe junger Wilder, inspiriert von den Werken des österreichischen Lyrikers Georg Trakl, verfilmt dessen Ballade „Die junge Magd“. Der Amateurfilm schafft es zunächst ins luxemburgische Fernsehen, dann sogar nach Salzburg, Trakls Heimatstadt.

Salzburg 2015: Autor Jean Back verbringt einige Urlaubstage in der Stadt. Der Besuch gestaltet sich überraschend zu einer emotionalen Spurensuche zu den Anfängen des Projekts, bei der die Erinnerungen an die Dreharbeiten und den damaligen gesellschaftlichen und familiären Kontext wieder aufleben.

„Trakl Blues“ erzählt die Geschichte eines Films und beschreibt gleichzeitig die Stimmungslagen in Umbruchzeiten: der politische Wandel in Luxemburg vor 40 Jahren, die Flüchtlingskrise in Europa heute.

Jean Back

Trakl Blues

Ein Memory zum Luxemburger Amateurfilm „Die junge Magd“, nach der gleichnamigen Ballade von Georg Trakl

Mit Film-DVD und Fotoseiten

ISBN 978-99959-39-44-1

160 Seiten • 19,95 €

JEAN
BACK



5 Perdue dans la vallée

Sophie a le vague à l'âme. Elle vient tout juste de décrocher un diplôme de fin d'études secondaires, mais se retrouve seule dans la vallée de la Pétrusse, sans perspectives d'avenir. Sophie colle des messages sur un banc... dans l'espoir d'obtenir une réponse, de communiquer.

À 19 ans, elle baigne dans les eaux troubles de la mélancolie et sombre peu à peu dans le monde des rêves. Qu'y trouvera-t-elle? La folie, la mort ou un chemin vers la vie?

À travers une succession de scènes captées sur le vif, Julie Vinandy-Schmit décrit le manque de repères et le désespoir de Sophie – le temps d'une saison, en 1990. C'est un conte teinté de spleen... mais toujours plein d'humour et subtilement illustré par Hermann Fuchs.

Julie Vinandy-Schmit

Perdue dans la vallée

Illustrations: Hermann Fuchs

ISBN 978-99959-39-45-8

128 pages • 19,95 €



JULIE
VINANDY-
SCHMIT

6 Alle véierzéin

Wat d'Jeanne d'Arc zu Bäerbrech (Bäerbuerg) mécht, dat weess seng Frëndin um Schlass an nach een, deen am Gaang ass, den Altor vun de véierzéin Nouthelfer ze schnëppelen ...

De Sproochmates kiert all d'Spläiterten zesummen, déi dobäi ewechfu-eren. Seng Zäitrees geet vun der Meuse bis op d'Musel (1425–1436). Si bleift an der Sprooch vun der Géigend: Déi Novell hei vum Alain Atten huet Miseler Sprooch!

„Alle véierzéin“ gouf vum Luana Maggipinto illustréiert, d'Fotoe si vum Tom Poull, de Layout vum Tom Schartz vu Press.

Alain Atten

Alle véierzéin

ISBN 978-99959-39-46-5

240 Säiten • 19,95 €



ALAIN
ATTEN



Kremart Edition S.à.r.l.
5, rue François Faber
L-1509 Luxembourg